

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„An de leschte Méint ass et ëmmer nees zu Vermësstemeldunge komm. Et schéngt, wéi wann d’Zuel vun dëse Meldungen a leschter Zäit eropgaange wier.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister folgend Froe stellen:

- Wéi huet sech d’Zuel vun de Vermësstemeldungen a rezenter Vergaangenheet entwéckelt?
- Wat sinn déi verschidden Ursachen, déi zu Vermësstemeldunge féieren?
- Wéi deelen sech d’Vermësstemeldunge, jee no Alter a Geschlecht op?.”

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéiert/en



Luc EMERING
Deputéiert/en